



rungsrot gaangen, do spillt de Waassermanagement eng ganz wichteg Roll, och am Zesummenhang mat all deenen anere Secteuren, déi dee Moment getraff ginn. An déi Explikatioune wäerte mer am Fong och ginn, do komme mer nach gären eng kéier heihinner, fir genau all d'Mesuren, eng no där anerer, ze explizéieren, well do hu mer schonn eng Risikoanalys gemaach fir 13 Secteuren hei am Land, vun der Landwirtschaft iwwert d'Wirtschaft, iwwert den Tourismus, awer eben och iwwert d'Bëschbewirtschaftung.

An ech mengen, wa mer eis där Strategie unhuelen, wa mer konkret déi Mesuren, déi Saachen och ëmsetzen, fir déi mer eis iwwert d'Waassergesetz haut scho Moyene ginn hunn, da kënne mer zumindest offerieren, wat de Leit geschitt ass, wa mer dem Waasser genuch Plaz loossen. An eis dann drun erënneren, an Zäiten, wou et net esou staark reent, dass, wa mer nei Gebidder erschleissen, mer déi Regeln dann och respektéieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Déi nächst Fro kënnt vum Här Laurent Zeimet, richt sech och un d'Ëmweltministesch an dréit ronderëm en Arrêt vun der Cour constitutionnelle zum Naturschutzgesetz.

- **Question n°329 du 12 juin 2018 de M. Laurent Zeimet relative à l'arrêt de la Cour constitutionnelle du 6 juin 2018 relatif à l'article 17, alinéa 1^{er}, première phrase de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et les ressources naturelles, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement**

► **M. Laurent Zeimet (CSV).** - Merci, Här President. Jo, léif Dammen an Hären, den Artikel 14 vun eiser Verfassung, deem hält de Prinzip fest, datt et keng Strof ouni Gesetz ka ginn. Den Artikel 17 Alinea 1 vum Naturschutzgesetz verbitt d'Zerstéierung vu Biotopen a stellt esou eng Zerstéierung dann och ënner Strof.

Elo war d'Cour constitutionnelle gefrot ginn ze analyséieren, ob den Artikel 1 konform war zum Artikel 14 vun eiser Verfassung, a kounn de 6. Juni zu enger Konkusioun. Si huet analyséiert a festgestallt, et géif keng kloer a präzise Definitioun vu Biotop ginn, déi géif feelen, besonnesch fir déi Fäll, déi net am Gesetz opgezielt wieren. Dës géif ze vill Interpretationsspillraum zouloossen. An esou kounn d'Verfassungsgericht zur Konkusioun, datt den Artikel 17. 1 net kompatibel wier mam Artikel 14 vun eiser Verfassung.

Elo ass d'Fro un d'Madamm Minister, ob se d'Repercussione vun deem Uerteel kann aschätzen an natierlech och, ob d'Definitioun am Naturschutzgesetz, wat jo haut nach eng kéier um Ordre du jour steet, dann elo der Verfassung vun eisem Land méi gerecht géif ginn.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Madamm Ëmweltministesch ass prett, fir ze äntwerten. Madamm Dieschbourg, wann ech gléif.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Bon, déi dote Fro ass kloer formuléiert ginn, d'Analys ass och scho vum Här Zeimet gemaach ginn, dofir ass meng Äntwert och ganz kloer. D'Analys war déi, dass de Biotop am Artikel 17 vum alen Naturschutzgesetz net genee genuch definéiert ass an alles, wat net nominal opgezielt ass, deemno hei contraire ass. An dat wäerte mer de Mëtteg mat Ärer Ënnerstëtzung iwwert dat neit Naturschutzgesetz an deem neien Artikel, wou dann och de Biotop protégé definéiert gëtt, natierlech léisen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Déi nächst Fro kënnt vum Här André Bauler, erëm eng kéier un d'Madamm Ëmweltministesch, an dréit ronderëm d'Geruchsbelastung vun der Schwéngszucht.

- **Question n°330 du 11 juin 2018 de M. André Bauler relative aux nuisances olfactives de l'élevage porcin, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement**

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Och ech wollt nach eng Fro un d'Madamm Ëmweltministesch stellen. Och wa vill Schwéngszüchtereien ausserhalb vun eisen Uertschaften installéiert sinn an alle Qualitätsstandarde vun enger korrekter Véihaltung entspriechen, esou gëtt et nach ëmmer deem een oder anere Betrib, deem no bei den Haiser läit a bei schmeieren, sommerlechen Temperature fir vill Gestank suert, wahrscheinlech, well en net propper schafft. Et héiert een och vu verzweifelte Leit, dass esou Betrib net ëmmer an

deem Mooss kontrolléiert géife ginn, wéi ee mengt. Si reklaméieren da bei de staatlechen Instanzen. Bon, dat Ganzt hätt net ëmmer eng Suite, d'Ëmweltverwaltung kéim seelen à l'improviste, an da kéinten déi betraffe Betrib Virkéierungen treffen an de Stall botzen. Duerno géing de Misär dann awer erëm vu vir un.

An deem Kontext wollt ech d'Madamm Minister Folgendes froen: Kann d'Madamm Minister mir soen, wéi d'Schwéngsbetrib hei am Land kontrolléiert ginn, wat hire Volet ugeet? Gouf et a leschter Zäit Reklamatioune vu Leit, déi sech iwwert d'Loftqualitéit an hirem Duerf beschwéiert hunn? Sinn déi Reklamatioune iwwerpréift ginn, a krute se eng Suite? Stëmmt et, dass d'Ëmweltverwaltung net ëmmer, oder guer net, à l'improviste kënnt? A wa jo, wat fir Aufgabe kréien déi Betrib operluecht, fir deem onagreabelen, jo, duerchdréngende Gestank an de Grëff ze kréien, a wéi ginn dës duerno nees iwwerpréift?

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Ëmweltministesch, d'Carole Dieschbourg.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Och hei dem honorabelen Deputéierten, dem Här Bauler, e grouse Merci fir déi Fro, well eréischt ganz rezent hate mer d'Freed, mat eisen dräi Verwaltungen eng Pressekonzferenz iwwert d'Ëmweltkontrollen ze maachen. A mir konnte berichten, dass eis Ëmweltverwaltung am leschte Joer 101 Kontrolle gemaach huet am Ëmweltberäich, dovunner sinn der 20 am Beräich vu Geruchsbelastung gewiescht. Dës Joer sinn d'Zuelen: 64 Kontrollen an 9-mol wéinst Geruch.

Ech muss awer soen, dass mir elo perséinlech kee spezielle Fall bezüglech Schwéngszüchtereien an dem leschten een an en halleft Joer gemellt ginn ass. Wichteg ass awer ze wëssen: Mir hunn e Formulaire online stoen, wou d'Leit eis kënnen, wann eppes net an der Rei wär, schreiwen, an da geet eis Ëmweltverwaltung natierlech direkt op den Terrain a kontrolléiert dat, do si mer an der Pflicht.

Déi grouss Betrib d'ailleurs falen ënnert d'IED a gi regelméisseg all dräi Joer kontrolléiert. Fir déi Betrib, iwwer 2.000 Déieren, do gëllt d'Kommodoklass 1. Do muss no der däitscher Geruchsemissionsrichtlinn eng Ausbreedungssätz gemaach gi vum Geruch. Fir déi Betrib gëtt et also Begrenzung vum der Geruchsbelastung. Déi méi kleng Betrib, déi falen dann ënnert d'Klass 2 oder 4 a falen net hei drënner. Wann also eppes ass, a wa Leit elo Problemer hätten, da ginn eis Leit vun der Ëmweltverwaltung wierklech gären op den Terrain, si sinn ënnerwee, an dat kann een um Internet an engem Formulaire och ufroen. Da sinn d'Leit sécher, dass se gutt geschützt sinn an dass hir Liewensqualitéit garantéiert ass.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An eis lescht Fro fir de Mëtte kënnt vum Här Marco Schank, riicht sech alt erëm un d'Ëmweltministesch an dréit ronderëm den Oflaf vun der ëffentlecher Ëmfro zu den Naturschutzzone ronderëm de Stauséi.

- **Question n°331 du 12 juin 2018 de M. Marco Schank relative au déroulement de l'enquête publique sur la désignation des nouvelles zones de protection autour du barrage d'Esch-sur-Sûre, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement**

► **M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och meng Fro dréit ëm d'Waasser an der Regioun vum Stau. Et gëtt de Moment ganz vill iwwert dat neit Waasserschutzzonekonzept diskutéiert, an et gouf ab 2012 och eng éischt Phas vun Abezéie vun de Gemengen, virun allem vun der Landwirtschaft a vun de Professionellen aus dem Tourismus. D'LAKU gouf gegrënnt, d'Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer, an et war och eng zweet Phas Participatioun geplangt. Dës zweet Phas ass awer net zustane komm. D'Gemenge krute keng Asicht an dat entspreichend Gutachten, dat am Hierscht 2017 virlooch.

Déi éischt Suerg, déi d'Gemengeresponsabelen dunn haten, mat all den Interessengruppen an der Naturparkregioun, virun allem och de Baueren, ass déi, datt d'Enquête publique géif an d'Summervakanz falen, mat all den Nodeeler, déi dat mat sech bréngt, an dem zwangsleefge Virwurf un d'Regierung, et hätt een eppes ze verstopen, zu Recht oder Onrecht. An enger Demande vun de Buergermeeschteren aus der Regioun an enger kuerzfristeg aberuffener Reunion huet awer, dat muss ee soen, d'Ministesch gesot, datt se dat awer net wëllt.

Eng zweet Suerg ass déi, datt de Gemengen, de Baueren an all deenen aneren aus der Regioun ze weineg Zäit zur Verfügung steet, fir

op de Projet vum Règlement grand-ducal ze reagéieren, zum Beispill, sech fachlech a juristeschen beroden ze loossen a sech kritesch mat deene geplangte Moossnamen auserneezenetzen.

Meng Fro deemno: Erlaabt den Oflaf an den Timing vun de Prozedure mat der Enquête publique, esou wéi d'Regierung sech se virstellt, eng vernünfteg Reaktioun ouni Zäitdruck säiten de Gemengen an all deenen aneren Akteuren aus der Stauséiregioun, wuel wëssend, datt d'Gemengen och nach Avisen zu Plans sectoriels zu deemselwechten Zäitraum mat zousätzleche Congéen, mat deenen ee jo muss ëmgoen, vun de Leit aus de Gemenge mussen artikuléieren?

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Ëmweltministesch ass ënnerwee.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Villmools Merci. An och hei e Merci fir d'Fro, well dat erlaabt mer, nach eng kéier op d'Kritikpunkten anzugeen. An ech verstinn déi Gemengeresponsabelen natierlech, wa se Suergen hunn, dass se sech wëlle seriösem en Dossier këmmern.

Dofir hat ech och an enger gemeinsamer Reunion, déi mer haten - eng d'lescht Woch, eng, déi awer schonn eng ganz Zäitchen hier ass -, mat de Gemenge vum Stauséi, gesot: „Et ass eis wichteg, dass d'Leit agebonne ginn, an et ass eis wichteg, dass d'Prozeduren agehale ginn.“

Och kommen ech ganz gär nach eng kéier do robber zrëck, wéi hei den Timing virgesinn ass. D'Schutzzon, deem Avant-projet, dee soll elo geschwënn an de Regierungsrot goen. A wann de Regierungsrot déi Etapp validéiert huet, da wäerte mer fir d'Éischt de Gemengeresponsabelen nach eng kéier eingehend an en détail d'Zon virstellen. Eng ëffentlech Veranstaltung ass scho virgesinn. Déi soll de 04.07. sinn. Duerno hunn d'Gemengen dann, wéi et de Regeln am Waassergesetz entsprécht, zwee Méint Zäit, fir déi ëffentlech Prozedur unzegeen, wou also scho kann analyséiert an iwwerluecht ginn.

An dann ass ee Mount laang, während 30 Deeg, Zäit, wou d'Leit och kënnen den Avis un d'Gemenge ginn, soudass dann d'Procédure publique Mëtt Oktober wäert fäerdeg sinn, well mir ginn natierlech net an d'Vakanz. Dat ass mer ganz wichteg hei ze betounen, dass et net esou ass, dass mer eng Procédure publique an der Vakanz maachen! Mir fänken déi de 15.09. hoffentlech zesumme mat de Gemengen un, ech vertrauen op déi Gemengeresponsabel, dass si dee Moment dee Volet, dee jo hir Aufgab ass, eescht huelen, an dass mer dann eng Procédure publique maache kënnen. Dann hunn d'Gemengen nach eng kéier ee Mount Zäit, fir hiren Avis eranzeschécke, an dann hoffen ech, dass mer bis Enn dës Joers dës wichteg Waasserschutzzon hunn, déi eise gréissten Drénkwaasserreservoir schützt a soumat d'ganz Land mat guddem Drénkwaasser beliwert.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci villmools. Domat si mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm a mer géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergeen, dem Projet de loi 7048, wou mer alleguer matkritt hunn, dass eise Kollege, de Camille Gira, an der Äntwert vun der Regierung duerch déi Ëmstänn ënnerbrach ginn ass, déi mer kennen. An dofir huet haut d'Madamm Ëmweltministesch d'Wuert, fir d'Äntwert vun der Regierung op déi Diskussiounen ze ginn, déi haut virun dräi Wochen hei an der Chamber gelaf sinn.

D'Madamm Ëmweltministesch huet d'Wuert.

5. 7048 - Projet de loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles et modifiant

1^o la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement;

2^o la loi modifiée du 5 juin 2009 portant création de l'Administration de la nature et des forêts;

3^o la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles (suite)

Prise de position du Gouvernement (suite)

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Villmools Merci, Här Pre-

sident. Dir Dammen an Hären Deputéiert, eist Land, eis Landschaft, eis natierlech Ressourcë si begrenzt, si sinn eis net onendlech zur Verfügung. Eis Landschaft an eis Natur hunn e Wäert, si sinn eist Kapital, dat vun eis Mënsche genotzt gëtt an dat eng Generatioun un déi nächst weidergëtt.

D'Regierung, d'Parlament, d'Gemengen, d'Gerichter, all d'staatlech Institutionen hunn an der Konstitutioun den Opdrag, eis Ëmwelt ze schützen an zu engem Gläichgewicht tëschent Naturschutz an de Besoine vun de Mënsche bäzedroen. An dës Naturschutzgesetz ass eent vun deene Gesetzer, wat deem allgemengen Opdrag aus eiser Verfassung am Artikel 11bis präziséiert a konkretiséiert.

An ech mengen, mir sinn eis eens, dass den Naturschutz ee vun deene Voleten ass, deem de Mënschen hei zu Lëtzebuerg, a virun allem och an Europa, immens wichteg ass. An dofir wëlle mer haut mat deem Gesetz, mat dem Vott hei an der Chamber, dat aalt Naturschutzgesetz, wat der haiteger Zäit an den haitegen Herausforderungen an Ufuerderungen net méi ugepasst ass, upassen a votéieren.

D'Prozedure gi gestrafft, d'Biergerbedelegung an d'Biergerinformatiounen gestärkt, d'Jurisprudenzen - dat hate mer elo just - ginn an d'Gesetzesartikelen integréiert, nei Begreffer an Definitiounen kréien e legale Charakter, wéi zum Beispill d'Biotopes protégés, d'Corridors écologiques, d'Connectivité écologique an d'Services écosystémiques.

Jo, Naturschutz ass kee Luxus. D'Natur ze schützen ass eng Konditioun an d'Basis, fir eist Liewen ze erhalen. A mir liewe just mat där Natur, an de Camille huet et gesot: „Mir sollen den Aascht, op deem mer sëtzen, net ofseeën!“ Dofir wëll ech och net, an akzeptéieren ech perséinlech och net, dass mer eng Géint-iwwerstellung maachen tëschent Mënsch an Natur, tëschent Wirtschaft an Natur. Et geet just mateneen an ouni polariséierend Debatten.

D'Natur erhalen heescht och, an dat ass elo ee vun de Piliere vun de Gesetzer, do, wou mir eppes kapottmaachen, och erëm fir Ersatz ze suergen. Dës fundamentale Prinzip, deem nenne mir Kompensatioun. Fir dass eng Kompensatioun, also esou eng Ersatzmesur, awer tatsächlech wierkt, an de Wäert vun der Natur erhalte bleift, mussen dës Mesurë richtig konzipéiert, geplangt an och realiséiert ginn, an net all Professionellen am Secteur an net all Verursaacher huet dat néidegt Wëllen oder Kënnen, fir dat richtig ze maachen. Mä nom Prinzip „pollueur-payeur“ ass et esou, dass de Verursaacher responsabel ass fir d'Kompenséierung vum Schued. Dofir féiert dës neit Naturschutzgesetz en neie Kompensatiounssystem an, bei deem dës Schued monetariséiert gëtt.

Dir Dammen, Dir Hären, wa mir eis de Fonctionnement ukucken, da geet dat am Praktischen esou: D'staatlech Verwaltung, d'Natur a Bëschverwaltung iwwerhëlt d'Planung an d'Realiséierung vun den ekologesche Mesuren an de Verursaacher bezitt dës Leeschtung a brauch sech net ëm Weideres ze këmmern. Dës Monetariséierung vun der Natur geschitt an zwee Schrëtt: engem éischte Schrëtt, wou de Biotop, de Liewensraum, en ekologesche Wäert kritt, deem an Ekopunkten ausgedréckt gëtt, an an engem zweete Schrëtt, wou de Käschtepräis ermëttelt gëtt, also d'Geldzomm, déi muss bezuelt ginn. An ech kann lech och scho soen, dass déi éischt Berechnungen erginn hunn, wat en Ekopunkt wäert ass: Den Zoufall ergëtt et, dass een Ekopunkt genau een Euro ass.

Dat heescht, an Zukunft wäert et ganz kloer sinn, auszerechnen, wat d'Zerstéierung vun engem Biotop oder vun engem Liewensraum ausmécht. De Käschtepunkt wäert also bei alle Projekte bekannt sinn. Da kann een also soen: „Do kann een dermat rechnen!“ An ech hoffen natierlech, dass, wann ee mat deem Käschtepunkt rechnen kann, et zu engem Erofsetze vun Zerstéierung féiert an och Incitatiounen gëtt, fir méi ze erhalen.

Elo kënnt Der natierlech soen: „Dat do ass eng Privatiséierung, reng op d'Geld gespillt!“ Mä dat ass et eben net! D'Kritik wär nämlech berechtigt, wann de Präis dem private Marché géif iwwerlooss ginn. Dës ass awer net de Fall. De Stat, deem ass deen Eenzegen, deem de Punktwäert iwwer e Règlement grand-ducal festleet, deem Eenzegen och, deem d'Punkte verkeeft. Wuel kënne Gemengen a Gemengesyndikater och e regionale Flächepool uleeën, mä et ass awer ëmmer nach den Ëmweltministère, dee kontrolléiert an nom selwechte System geréiert.



Den neie Flächepool, deen neie System, do maache mir, an dat ass mer wichteg ze soen, op engem Minimum vum Terrain e Maximum vu Punkten, well mer integréierten Naturschutz a Waasserschutz maachen, well mer Situatoune kreéieren, wou mer wierklech op engem klengen Terrain grouss Erfolleger kënnen erzielen, dat heescht, mir verbrauche manner Fläch wéi bis elo. An déi Fläch, déi verbraucht gëtt, do gëtt et och nach Chancë fir d'Landwirtschaft drop, well si bleift der Landwirtschaft erhalen, mat de Basisprimmen an natierlech och mat den Zousazprimme fir d'Biodiversitéit.

An et gëtt schonn éischt Beispiller, déi mer amgaange sinn en place ze setzen, déi eben eng gutt Gestiou mat de Bauerebetreiber wirtschaftlech och interessant maachen an déi deeselwechte Verdéngscht verspriche mat manner Aarbecht, manner Stress.

Mir sinn also gutt preparéiert. Mir hu schonn éischt Beispiller. Mir hu scho méi wéi 450 Hektar kaaft an zwar - an dat ass och wichteg - an deene fënnf Secteur-écologiques, déi per Gesetz définéiert sinn. Mir si prett an de Règlement ass fäerdeg.

D'Grondprinzipien däerfe mer awer trotzdeem net vergiessen, och wa mer elo e Flächepool hunn: Do gëllt et als Éischt ëmmer erëm, d'Zerstéierung ze evitéieren, zweetens d'Zerstéierung ze minimiséieren, an als Drëtt, an dat ass dann awer érischt déi lescht Alternativ, heescht et ze kompenséieren.

Dir Dammen, Dir Hären, déi zweet wichteg Neierung, dat ass, dass de kommunalen Naturschutz gestärkt gëtt. De kommunalen Naturschutz kritt am Artikel 69 hei eng legal Basis. Et ass eng Unerkennung fir d'Aarbecht vu ville Pionéier an deem Beräich, dréit awer och derzou bäi, dass dës net exklusiv eng Affär vum Stat ass, mä dass mer alleguerten um Terrain praktesch solle matupaken. Dat ass äänlech wéi am Klimaschutzberäich, dass mer all d'Akteure brauchen, an och do si mer kohärent a prett. Mir fänke gläich a véier Regione mat Comité-de-pilotagen fir d'Natura 2000-Gebidder un, am Minett, am Ourdall, am Atertdall an awer och am Mëllerdall.

D'Kohärenz an d'Aféierung vun dese Comité-de-pilotagen, fir dass d'Gestiounspläng am Natura 2000-Gebitt gemaach an ëmgasat ginn, ass ganz wichteg. An hei sinn et grad d'Gemengen, déi d'Haaptakteure sinn. An déi Mesuren, déi hu mer jo schonn am Virfeld, am zweeten nationalen Naturschutzplang, festgeluecht, a mer hunn net nëmme Mesuren an Aktiounen festgeluecht hunn, mä sinn och nach vu 50 op 100 Milliounen eropgaangen, déi mer wellen investéieren. Dat soll eis e ganz grouss Schrëtt weiderbréngen, wat den Naturschutz ugeet, an zwar mat de Partner, well alleng wäerte mer et net schaffen.

Déi drëtt wichteg Ännerung, dat sinn eben d'Ziler an déi nei Definitionen. Heizou just véier Beispiller: déi sougenannt Services écosystémiques, also d'Déngschtleeschungen, déi d'Natur eis gëtt, gratis, sief et duerch eng Renaturéierung vun enger Beach, déi och nach en Héichwaasserschutz bedeet, wa vill Reen op eis duerkënnt. Oder Fliedermais, déi eis hëllefen, gratis Insekten ze verdillegen, an esou der Landwirtschaft hëllefen.

Dann eng weider Definition: d'Corridors écologiques, well et ass immens wichteg, dass mer e genetesch Austausch hunn an net nëmme vereenzelt Naturschutzgebidder, déi natierlech eis Kärstécker sinn, mä dass do Korridore sinn, wou e genetesch Austausch ka stattfannen, an dass mer zum Beispill Wäldbrécke maachen iwwer eis grouss Zerschneidungen, Autobunnen oder den Zuchreseau.

Drëttens gëtt awer och de landwirtschaftlechen Terrain geschützt. An Zukunft ass dës e Kritär fir Autorisatiounen an der Zone verte, an dat gëllt natierlech och fir staatlech a kommunal Projeten. An dofir kann et duerchaus sinn, dass dat e Kritär ass, wou emol eppes net gemaach kéint ginn, well et ass eis wichteg, dass genau deen Terrain och geschützt gëtt.

Op déi rezent Diskussioun vum de Biotopen, wou mer jo elo just an der Question parlementaire geschwat hunn, ginn ech elo net méi an, dat hat ech elo op deem Punkt vir.

Deen nächste wichtige Punkt ass natierlech d'Transparenz, kloer Regeln. Dës Gesetz hei ass besser strukturiert, et fënnt ee sech besser dran zrëck. D'Naturschutzgeneemegunge gi méi transparent kommunizéiert, fir dass all d'beträffe Bierger kënnen kucken, wat bei hinnen an der Gréngzon geschitt. A generell ginn all naturschutzrelevant Informatiounen online gesat.

Mir raumen dann och mat verschiddene Saachen op, déi laang onkloer waren a fir Sträit gesuergt hunn, zum Beispill den Artikel 17 iwwer Biotopen innerhalb vum Bauperimeter. Innerhalb vum Bauperimeter wäert et esou sinn, dass Biotopen op Demande zerstéiert kënnen ginn, si mussen awer monetär kompenséiert ginn. Domat, mengen ech, beendeg mer e jorzéngtelaange Sträit.

Da ginn och d'Regele fir d'Bauen an der Gréngzon méi kloer, well hei mat engem Règlement grand-ducal geschafft gëtt, fir dass mer et äänlech hu wéi op anere Plazen, a vun A bis Z iwwerall d'selwecht jugéiert gëtt.

D'Indemniséiere vum Schued vu geschützten Aarten ass en Thema, deen an deem Gesetz och ugaange gëtt, an hei handelt et sech natierlech ëm geschützten an net jobar Aarten an Indemnisationen, déi domadder zesummenhänken. Dës kréien elo duerch dat neit Naturschutzgesetz eng legal Basis, fir dass de Stat fir dës Schued opkomme kann.

Dir Dammen, Dir Hären, mir schafe mat deem neien Instrument, mengen ech, eppes ganz Schlagkräftiges, fir dem Aarteschwond, deem mer begéien, entgéintzewierken. Mir setzen - an dat hat den Henri Kox a senger Ried gesot - Leitplanke fir d'zukünfteg Entwécklung vu Lëtzebuerg, Leitplanken, fir d'Liewensqualitéit hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Wichtig ass - an dat war ee vum Camille senge Messagen -, dass awer net ee Gesetz eleng eis wäert aus deem ganzen Aarteverloscht, Verloscht vu Biodiversitéit eraushëllefen. Et wäert och mussen esou sinn, dass mer seriö iwwert d'Agrarpolitik schwätzen, déi gemeinsam Agrarpolitik, déi elo zur Debat steet, well mir brauche souwuel e gutt Naturschutzgesetz, mä awer och all d'Partner um Terrain, déi mat an déiselwecht Richtung zéien.

Ech hoffen op jidde Fall dorop. An ech gesinn am Alldag ganz erfreesch Beispiller vu jonke Baueren, déi fir den Naturschutz schaffen, an och uerdentlech Leeschtungen dofir erwaarden. An ech mengen, dass, wa mer an déi Richtung ginn, mer hei zu Lëtzebuerg, genau wéi beim Klimaschutz, och am Naturschutz e Stéck weiderkommen. Dorobber ziele mer.

An ech wëll dës Bün elo net verlossen ouni e puer Mercien. Ech wëll fir d'Éischt emol dem Camille senger Famill e grouse Merci soen, dass si mir dem Camille seng Ried zur Verfügung gestallt hunn, fir mech fir de Mëtteg ze inspiréieren. Mir hu se natierlech ëmgeschriwwen op den haitegen Dag, dofir menge Mataarbechter, déi och douewe sëtzen an déi lescht Woche matgekämpft hunn, e grouse Merci, dass si mir geholfen hunn, dass mer dat heiten haut hkréien. An net zulescht dem Camille fir säin Asaz e grouse Merci. An hie géif sech freeën, haut derbäi ze sinn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Ëmweltministesch. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7048 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7048 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 34-mol Jo, 26-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7048 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete

Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn dann nach mat enger Motioun vun de Kollege vum der CSV saisiéiert. Ech ginn der-vun aus, dass d'Motioun virgestallt gi war vun der Madamm Martine Hansen.

Ass de Wonsch do, fir dozou nach Stellung ze huelen?"

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer. 26-mol Jo a 34-mol Neen. Domat ass d'Motioun 1 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7045, der Reform vun der Police. An d'Madamm Rapportrice, d'Claudia Dall'Agnol, ass prett fir hire Rapport.

6. 7045 - Projet de loi sur la Police grand-ducale et portant modification:

1° du Code de procédure pénale;

2° de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

3° de la loi du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux;

4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État;

5° de la loi du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

et portant abrogation:

1° de la loi du 29 mai 1992 relative au Service de police judiciaire et modifiant 1. la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire; 2. le Code d'instruction criminelle; 3. la loi du 16 avril 1979 ayant pour objet la discipline dans la Force publique;

2° de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police

Rapport de la Commission de la Force publique

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Dir Häre Ministeren, léif Kolleginnen a Kollegen, Här President, ech mengen, Dir

wësst et am Allerbeschten als fréiere Rapporteur: Virun net grad 20 Joer, am Mee 1999, hu mer hei zu Lëtzebuerg eng déif gräifend Reform duerchgefouert, déi aus der deemoleger Police an der Gendarmerie ee gemeinsame Corps geschafen huet, esou wéi mer en haut kennen, näamlech d'Police grand-ducale.

Säitdeem gëllt hei am Land, dass et eng Police gëtt, déi fir d'Sécherheet am Land zoustänneg ass, also ee gemeinsame Corps.

Wann een nach eemol dee Rapport noliere geet vun deemools, da stellt ee fest, dass d'Ziler vun där Reform 1999 och haut nach ëmmer gültig sinn, näamlech ze garantéieren, dass d'Police schnell op der Plaz ass, wa se gebraucht gëtt, an dat natierlech 24 Stonnen op 24, dann eng Vereinfachung och vun den inneren Strukturen an d'Festschreiwu vum de präventiven a repressive Mesuren, déi d'Police huele kann, fir sech am Kontext vun enger ëmmer méi komplexer Kriminalitéit gutt opzestellen.

Genau dës waren net just d'Ziler vun der Reform vun 1999, mä et sinn och d'Ziler vun der Reform haut.

An da kéint ee sech jo froen: Firwat brauche mer dann eigentlech nach eng Reform, wann d'Ziler eigentlech déiselwecht bliiwen? Ma ganz einfach: D'Welt, an dat wësse mer alleguerten, ass an de leschten 20 Joer net stoe bliwwen, a genausou wéineg natierlech d'Police. Mir brauchen awer haut aner Moyenen, fir déiselwecht Ziler ze erreechen an och e gudd Fonctionnement vun der Police garantéieren ze kënnen.

Säit 1999 huet sech zu Lëtzebuerg an an der Welt natierlech ganz vill verännert. An d'Police huet eng ganz Rei nei Aufgaben derbäikritt. Ech zielen lech elo hei just déi wichtegst op: de VisuPol, de Service vun der Videoiwwerwaachung hei an der Stad; de Service fir d'internationalen Relatiounen, dee sech ëm déi ëmmer méi wichteg international Responsabilitéit vun der Police këmmert; d'Operatiounen vum Schengener Informatiounssystem hei zu Lëtzebuerg an natierlech déi méi enk Zesummenaarbecht mat de Policeservicer vun deenen anere Memberstate vun der EU; oder och elo nach ganz rezent d'Aféiere vun de Radaren. Do muss jo dann och een déi net ganz beléifte Protokoller verschécken an och d'Fotoe vun de Blëtzer kontrolléieren.

Mä och aner nei Aufgaben hu bei der Police spezifescht Fachpersonal erfuerdert, sou zum Beispill d'Begleetpersonal fir de Policeheliporter, dee mer zënter 2005 hunn. An dann natierlech och Informatiker a Programméierer, souwuel fir d'Präsenz vun der Police um Internet an an de sozialen Netzwierker wéi och speziell ausgebildete Beamten, fir d'Kriminalitéit an deem Secteur ze bekämpfen. Eng Kriminalitéit, déi et esou virun 20 Joer nach quasi iwwerhaapt net gouf.

En vue vun all dësen zousätzlechen Aufgaben, déi ech elo opgezielt hunn, vun der Police, zousätzlech nach zu der demografescher Entwécklung hei am Land, verwonnert et och sécher net, dass d'Police mat engem Manktum u Personal ze kämpfen huet.

(Interruption par la présidence)

Ech huelen un, dat war net fir mech.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Dann ass et gutt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Et war fir...

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Dat braucht Der mer elo net ze soen.

Zwar ass d'Unzuel u Poliziste vun deemools 1.593 op haut 1.840 Leit eropgaangen, zousätzlech zu engem méi groussen Undeel un Zivilpersonal och an der Police, fir si ze ënnerstëtzen, mä net an deem Mooss, wéi et néideg gewiescht wär, fir den Entwécklung Rechnung ze droen.

Derbäi kënnt dann natierlech och, dass ëmmer méi héichqualifizéiert a spezialiséiert Personal och gebraucht gëtt, fir héichtechnesch Dosieren ze behandelen, wéi zum Beispill an der Wirtschafts- oder och der Finanzkriminalitéit.

D'Personal brauch awer och regelméisseg ugepaste Formations continues an natierlech och dat entsprechend Material, fir effikass schaffen ze kënnen. Dofir goufe jo och d'Waffe vun de Polizisten no laange Joren endlech ausgewieselt.

Mä et geet net duer, einfach just méi Personal anzustellen, och wann dat natierlech e ganz wichtige Volet ass. Et muss een och kucken, dass déi Fraen a Männer op den Terrain kommen an hir Aarbecht och anstänneg do verriichte kënnen. Dofir gesäit dës Reform och eng Territorialreform vir, well et huet sech an